Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Lëtzebuerg, den 09/10/2019

☐

Motioun

D'Deputéiertechamber invitéiert,

- Vis-à-vis vun der aktueller Klimakris;
- Virum Hannergrond vum Paräisser Klimaofkommes, dat de 4. November 2016 a Kraaft getrueden ass;
- d'Fuerderunge vun enger engagéierter Zivilgesellschaft, déi mat diverse Manifestatiounen an de leschte Méint d'Politik opgefuerdert huet, klimapolitesch ëmfaassend Mesuren ze ergräifen, eescht huelend;
- a mam Zil d'Gas à effet de serre an der Atmosphär ze reduzéieren;

d'Regierung, schnellstméiglech déi néideg Dispositiounen ze treffen, fir ze garantéieren, dass d'Emissioune vu sämtlechen Déngschtreese vu Regierungsmemberen a -beamte kompenséiert ginn duerch de Kaf vun Emissiounszertifikater, déi der duebeler Quantitéit vun deenen Ofgasen, déi wärend der Rees ausgestouss goufen, entspriechen.